CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 JAN. 2020
1728

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vu der Chamber

Lëtzebuerg, de 16. Januar 2020

Här Chamberspresident,

Esou ewéi et am Artikel 83 vum Chambersreglement steet, wëll ech eng parlamentaresch Ufro iwwert de Postbüro zu Réimech un den Här Wirtschaftsminister stellen.

En offiziell Informatiounsblat vun EPT-Post Lëtzebuerg ass viru kuerzem vum Bréifdréier an d'Haiser ausgedeelt ginn, mat der Ukënnegung, dat d'Réimecher Post vum 3. Februar 2020 un ersat gëtt duerch e sougenannte „Point POST" op enger anerer Plaz zu Réimech.

An dësem Kontext géif ech dem Wirtschaftsminister gär folgend Froe stellen :

1. Wat sinn d' Krittären fir e Postbüro („Postamt", „agence de poste") zouzemaachen?
2. Wéi eng Krittären waren d'Ursaach fir déi Réimecher Post zouzemaachen, an duerch e Point POST ze ersetzen?
3. Wéi vill Leit sinn am Duerchschnëtt pro Dag respektiv pro Jar zu Réimech an d'Agence gaangen an de leschten 5 Joer? Wéi vill Déngschtleeschtungen sinn do virgeholl ginn?
4. Ass den Här Minister net der Meenung, dass an all Kantonalhaaptstad e komplette Postbüro si muss, deen all Post- an eventuell Telekommunikatiounsdéngschtleeschtungen ubitt?
5. Wéi eng Auswierkungen huet dës Entscheedung am Personalberäich?
6. Gëtt deen neie Point POST zu Réimech vun der Post selwer bedriwwen an duerch Postagenten?
7. Wéi gëtt d'Netz vun de Postagencen an Zukunft ëmstrukturéiert a wat huet dat fir Konsequenzen op d'Personal ?

Mat déifstem Respekt,

Octavie Modert
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 3 février 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
03 FEV. 2020

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : Co/Q1728-02/SW-rg

**<u>Objet</u>: Question parlementaire N° 1728 du 16 janvier 2020 de Madame la Députée Octavie Modert**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Étienne Schneider

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

126-000010-20040525-FR

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

**Réponse de Monsieur le Vice-Premier ministre, ministre de l'Économie, Étienne Schneider, à la question parlementaire n°1728 du 16 janvier 2020 de Madame la députée Octavie Modert au sujet du bureau de POST à Remich**

Am Allgemenge gi folgend Krittären a Betruecht geholl, wann d'POST Büroen zouméscht :

- wéi héich ass d'Frequentatioun vu Clienten,
- wéi accessibel ass de Büro, esouwuel wat d'Büroszäite wéi och déi geographesch Lag ugeet,
- wéi ass d'Qualitéit vum Empfang,
- a virun allem, wat fir Alternativen huet de Client am Fall wou e Büro zougemaach gëtt.

Doriwwer eraus, gëtt awer all Büro eenzel gekuckt op e sech fir nei Konzepter eegent.

D'POST ass stänneg am gaangen hier Déngschtleeschtungen ze verbesseren an un d'Besoine vun de Clienten unzepassen. Am Fall vum neie Point POST zu Réimech bedeit dat, dass den Accès zum Gebai vill méi einfach a clientsfrëndlech gëtt an dass däitlech méi Parkplaze fir de Client disponibel sinn.

Et bedeit och, dass de Client vu Méindes bis Freides vu 7:00 bis 20:00 Auer a Samschdes moies vun 8:00 bis 12:00 Auer all Postdéngschtleeschtungen ugebuede kritt, dëse Service beinhalt och d'Ofhuele vu Päck a vu Recommandéeen. Dat war an den ale Raimlechkeete vun der POST net méiglech.

Finanzservicer gi vun der Raiffeisebank knapp honnert Meter vum neie Site ewech offréiert, sou dass de Client kee Confort verléiert.

All des Ännerunge sinn an Zesummenaarbecht mat der Réimecher Gemeng op de Wee bruecht ginn.

Zu Réimech sinn an deene leschte fënnef Joer am Duerchschnëtt 207 Clienten den Dag passéiert. Dee Chiffer huet an der Tendenz ofgeholl, an ass eréischt 2019 duerch di vill Päck di verdeelt ginn erëm op 207 geklommen. An der Moyenne mécht ee Client 2,9 Transaktiounen. Dee Chiffer seet awer net vill aus, well en etlech Déngschtleeschtungen sech aus e puer Transaktiounen zesummesetzen.

D'Offer vun der POST riicht sech no de Besoine vun hire Clienten. Eng Kantonalhaaptstad war och an der Vergaangenheet kee Krittär fir noutwenneg e Postbüro opzemaachen. Et sief drun erënnert dass d'POST och Déngschtleeschtungen doheem ubitt. Dës Offer wennt sech un Leit déi an hirer Mobilitéit ageschränkt sinn, dës Leit kennen sech un hire Bréifdréier riichte fir verschidde Courrier- a Finanzservicer an Usproch ze huelen.

D'Personal vu Réimech bleift zu Réimech a plënnert a méi e modernt Gebai, den neie Point POST zu Réimech gëtt vun der POST selwer bedriwwen.

D'POST wäert an Zukunft hiert neit Konzept dass Clienten hir Päck ausserhalb vun de gängegen Tournéeszäiten an engem regionale Verdeelerzenter ofhuele kënnen och op aner Plazen ëmsetzen. Des Ëmstrukturéierung vum Service erlaabt eng däitlech Verbesserung fir de Client a geet net op Käschte vum Personal.